N°3081
Luxembourg, le 21.10.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.10.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Gemengemandatairen hunn ee Recht op ee Congé politique, fir dass si hiert Mandat onofhängeg erfëlle kënnen. Fir verschidde Patrone stellt dëse Congé een Challenge duer, well si hirem Employé fräi musse ginn, mee de Remboursement fir all déi Stonnen eréischt d'Joer drop kann ugefrot ginn. Bei klenge Betriber kann sech dëst schnell op d'Käschten an d'Liquiditéiten auswierken, speziell wann eng Persoun muss agestallt ginn, fir de Salarié z'ersetzen oder den Independant Stonne verléiert, déi en a seng Firma a seng Aarbecht  kéint investéieren

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Besteet d'Méiglechkeet beim Inneministère, dass een den aktuelle System ofännert, esou dass Patronen a Selbststänneger de Remboursement vum Congé politique trimestriell oder monatlech kéinten ufroen?

2. Wäert den Inneminister dofir suergen, dass de Remboursement vum Congé politique esou organiséiert gëtt, dass de Remboursement trimesteriell oder monatlech kéint ugefrot ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés